



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
Präsident vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg de 14. November 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister, d'Madamm Ëmweltminister an den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Wéi déi lescht Deeg an enger Rei Presseartikelen ze liese war, soll am Trëntengerdall e ronn 1.716. Hektar Gebitt, dat sech iwwert fënnf Gemengen erstrecken (Bous, Conter, Duelem, Réimech a Stadbriedemes) an "*eng Naturschutzzon vu nationalelem Interess*" ëmgewandelt ginn. Dem Lëtzebuenger Bauer no handelt et sech bei ronn 75 Prozent vun dëser Fläch em privat Terrainen, déi dacks och landwirtschaftlech exploitéiert ginn. Déi geplangte Reklasséierung géif fir déi betraffe Bierger sou wuel e staarke Wäertverloscht vum Terrain u sech wéi och eng Rei Aschränkungen an hirer deeglecher Aarbecht bedeiten. Weider schreift déi genannte Wochenzeitung, datt déi Gemengeresponsabel sech genausou iwwert feelend Transparenz bekloen, wéi déi betraffe Proprietären, well si gläichermoose viru vollend Tatsaache gestallt goufen.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung matdeelen, wéi déi Decisioun motivéiert war, am Virfeld op sämtlech Berodunge mat de Gemengeresponsabelen, souwéi de Proprietären, déi naturgeméiss säit Joerzénge Suerg fir en nohaltegen Ëmgang mam Terrain droen, ze verzichten?
- 2) Kann d'Regierung elaboréieren, ob wéi eng Manéier si déi betraffe Leit engersäits fir den direkte Wäertverloscht vun hirem Terrain an de laangfristige Verdéngschtausfall anerersäits indenniséiere wëll?
- 3) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi dës Decisioun sech mat hirer allgemenger Politik vun der Promotioun vun der lokaler Produktioun an dem lokale Commerce verdréit?
- 4) Kann d'Regierung elaboréieren, ob si esou en drasteschen Aschnëtt an déi lokal Liewensmëttelproduktioun, grad am Kader vum Ukrainkrich an dem entspreche Verloscht vun engem vun eise wichtegsten Importmarchéeë fir opportun hält?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten